ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 AOUT 2017
3227

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. August 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Familljeminister, den Här Educatiounsminister an den Här Banneminister weiderzeleeden.

An de Gemenge ginn den Elteren ënnerschiddlech Strukture gebueden, ëffentlecher a privater, fir hir Kanner betreien ze loossen. Fir datt esou Servicer kënnen ugebuede ginn a schliisslech och funktionéieren, entstinn héich Käschten.

An deem Kontext hätt ech e puer Froen un d'Madame an déi Häre Ministeren.

1. Wat ass den aktuelle Präis fir de volle Kader vun enger Plaz an enger ëffentlecher Crèche (am Duerchschnëtt) pro Beruffs- respektiv Gehaltsgrupp, gerechent pro Mount a pro Kand?

2. Wéi héich sinn d'Käschten (am Ganzen, respektiv fir déi ëffentlech Hand) am Duerchschnëtt fir d'Betreiung vun engem Kand an enger ëffentlecher Crèche pro Mount? (inklusiv d'Personalkäschten, d'Infrastrukturen an hiren Ënnerhalt, asw.)

3. Wat ass den aktualiséierte Präis fir de volle Kader vun enger Plaz an der Maison Relais pro Beruffs- respektiv Gehaltssgrupp a pro Mount fir ee Kand?

4. Wéi héich sinn d'Käschten (am Ganzen, respektiv fir déi ëffentlech Hand) am Duerchschnëtt d'Betreiung vun engem Kand an enger Maison Relais pro Mount? (inklusiv d'Personalkäschten, d'Infrastrukturen an hiren Ënnerhalt, asw.)

5. Wéi héich si bei de Froen 2 a 4 jeeweils d'Käschten, déi duerch déi multilingual Fréierzéiung a fir d'Qualitéitskontroll entstinn?

6. Wéi vill Prozent vum Gesamtbetrag, deen sech aus alle Crècheplazen a Plazen an der Maison Relais an am Foyer zesummerechent, ginn am Duerchschnëtt vun den Eltere bezuelt a wéi vill Prozent ginn duerch Chèques-servicen ofgedeckt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 9 octobre 2017

Monsieur le Président de la Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 3227 du Député Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

Et muss ee folgend Elementer fir d'Liese vum Tableau hei ënnendrënner a Betruecht ze zéien: 5285 Kanner, déi net ageschoult sinn, besichen eng konventionéiert Struktur.

D'Rechnung bezéit sech op déi 9 verschidde Gehaltsgruppen, déi am Chèque-Service Accueil (CSA) definéiert sinn. Zu de Beruffskategorien huet den Educatiounsministère am Kader vum CSA keng Donnéeën. E volle Kader ass am CSA duerch 60 Stonne pro Woch definéiert.

Den Duerchschnëttspräis fir eng Betreiung pro Mount a pro Gehaltsgrupp an enger konventionéierter Struktur déi net ageschoulte Kanner ophëlt, ass deemno:

| **Gehaltsgrupp** | **Duerchschnëttspräis fir d'Eltere fir eng Betreiung pro Mount (volle Kader)** |
|---|---|
| RMG / Risque de pauvreté | 55 € |
| < 1.5 * SSM | 137 € |
| < 2 * SSM | 254 € |
| < 2.5 * SSM | 334 € |
| < 3 * SSM | 452 € |
| <3.5 * SSM | 542 € |
| < 4 * SSM | 737 € |
| < 4.5 * SSM | 896 € |
| >= 4.5 * SSM | 1 001 € |

Source : CSA octobre 2015

**Ad 2)**

Fir d'Opstelle vum ënneschten Tableau ass sech op déi lescht disponibel Décompte fir de konventionéierte Secteur baséiert ginn. Fir folgend Rechnung opzestellen, gouf e volle Kader vu 60 Betreiungsstonne pro Woch consideréiert.

Den Duerchschnëttskäschtewäert (Personal- a Fonctionnementskäschten) an enger konventionéierter Struktur, déi net ageschoulte Kanner ophëlt, ass fir d'ëffentlech Hand (Staat a Gemengen) 2063 €/Mount. Elteren, déi enger professioneller Tätegkeet noginn an deenen hiert Kand eng Struktur besicht, bezuelen engersäits e Bäitrag un d'Struktur a cotiséieren hir Steieren, wat dann erëm Recettë fir d'ëffentlech Hand sinn bzw. den Duerchschnëttskäschtewäert reduzéieren.

| | **Duerchschnëttspräis fir de Staat an d'Gemengen fir d'Betreiung vun engem net ageschoulte Kand (volle Kader)** |
|---|---|
| All Gehaltsgrupp | 2 063 €/Mount |

**Ad 3)**

Fir d'Opstelle vum ënneschten Tableau, ass sech op déi lescht disponibel Décompte vun 2015 fir de konventionéierte Secteur baséiert ginn.

Et muss ee folgend Elementer fir d'Liese vum Tableau a Betruecht zéien: 25.687 Kanner, déi ageschoult sinn, besichen eng konventionéiert Struktur.

D'Rechnung bezéit sech op déi 9 verschidde Gehaltsgruppen, déi am Chèque-Service Accueil (CSA) definéiert sinn. Zu de Beruffskategorien huet den Educatiounsministère am Kader vum CSA keng Donnéeën. Fir dës Berechnung gëtt e volle Kader mat 34 Betreiungsstonnen/Woch definéiert a net wéi bei de net ageschoulte Kanner mat 60 Stonnen.

Den Duerchschnëttspräis fir eng Betreiung pro Mount a pro Gehaltsgrupp an enger konventionéierter Struktur, déi ageschoulte Kanner ophëlt, ass deemno:

| **Gehaltsgrupp** | **Duerchschnëttspräis fir d'Eltere fir eng Betreiung pro Mount (volle Kader)** |
|---|---|
| RMG / Risque de pauvreté | 47 € |
| < 1.5 * SSM | 86 € |
| < 2 * SSM | 131 € |
| < 2.5 * SSM | 194 € |
| < 3 * SSM | 251 € |
| <3.5 * SSM | 310 € |
| < 4 * SSM | 488 € |

| | |
|---|---|
| < 4.5 * SSM | 634 € |
| >= 4.5 * SSM | 726 € |

Source : CSA octobre 2015

**Ad 4)**

Fir d'Opstelle vum ënneschten Tableau ass sech op déi lescht disponibel Décomptë vun 2015 fir de konventionéierte Secteur baséiert ginn. Fir folgend Rechnung opzestellen, gouf e volle Kader vu 34 Betreiungsstonne pro Woch consideréiert.

Den Duerchschnëttskäschtepunkt (Personnal- a Fonctionnementskäschten) an enger konventionéierter Struktur, déi ageschoulte Kanner ophëlt, ass fir d'ëffentlech Hand (Staat a Gemengen) 1073 €/Mount.

| | **Duerchschnëttspräis fir de Staat an d'Gemenge fir d'Betreiung vun engem ageschoulte Kand (volle Kader)** |
|---|---|
| All Gehaltsgrupp | 1073 €/Mount |

**Ad 5)**

De Programm fir d'plurilingual Fréierzéiung an de Qualitéitsdispositiv lafen eréischt den 2. Oktober 2017 un. D'Käschte kënnen zu dësem Moment also nach net opgestallt ginn.

**Ad 6)**

Laut eise Berechnunge ginn 20% vun den Elteren an 80% vun der ëffentlecher Hand ofgedeckt.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse